N°1707
Entrée le 23.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.12.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/12/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

An der Alzheimerfuerschung goufe rezent grouss Fortschrëtter gemaach. Esou gouf d'Medikament Lecembi entwéckelt. Den doran enthalene Wierkstoff Lecanemab géif net just Symptomer, mee d'Kränkt u sech ugräifen. Zanter Enn November an der EU zougelooss an ab nächstem Joer soll et och hei zou Lëtzebuerg kënne verschriwwe ginn. D'EU hat ufangs bei der Zouloossung gezéckt wéinst de Niewewierkungen, dorënner Gehierbluddungen. Éischten Experienzen no sinn déi manner schro wéi gefaart, mee d'Patiente mussen iwwerwaacht ginn. D'Patiente misste wärend 12 Méint mindestens 4 Mol an eng IRM goen. Ouni dës Kontrolle kéint d'Medikament net verschriwwe ginn. An der Vergaangenheet goufen et grouss Retarde bei den IRMen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wäert et zu Lëtzebuerg fir Patient:inne wierklech méiglech ginn, fir effektiv een Traitement mat Lecembi ze kréien, obwuel déi virgeschriwwe Kontrollen am IRM an der Realitéit opgrond vun den aktuelle Waardezäite ganz schwéier kéinte ginn?

2. Gouf eng Strategie ausgeschafft, mat där déi virgeschriwwe 4 Kontrollen am IRM fir Patient:innen, déi an engem Traitement mat Lecembi sinn, méiglech gemaach soll ginn? Wa nee, firwat gëtt et heifir keng Strategie?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten